## Gemengerot

# vum 26. Juni 2026

**Present:** de Buergermeeschter Félix Eischen (CSV) an d'Schäffe Marc Bissen (LSAP) a Max Molitor (LSAP), d'Gemengeconseillere Larry Bonifas (déi gréng), Guy Breden (CSV), Maryse Frantzen (DP), Cheryl Geschwind (CSV), Nathalie Noesen-Heintz (LSAP), Natacha Koch (CSV), Guy Kohnen (CSV), Patrick Krecké (DP), Claudine Meyer-Deitz (LSAP) a Kevin Urbing (CSV)

**Entschëllegt:** /

**Ufank vun der Sëtzung:** 08.30 Auer

All Punkte vum Ordre du Jour goufen eestëmmeg ugeholl, ausser 7 an 11.

## GESCHLOSSE SËTZUNG

### ERKLÄRUNGEN IWWERT DE RESTANTENETAT 2025 VUM GEMENGERECEVEUR

#### *1. Verwaltung vun der Gemeng Kielen*

##### *1.1. Ufro fir d'Pensioun vun engem Gemengebeamten aus der Kategorie C Loungrupp C2bis, Ënnergrupp mat besonneschen Attributioune - Agent municipal*

De Gemengerot stëmmt der éierevoller Demissioun vun engem Agent municipal aus senge Funktiounen zou, fir datt dëse säi Recht op d'Pensioun ka geltend maachen, a seet him Merci fir seng gutt an trei Déngschter.

##### *1.2. Definitiv Ernennung vum Gemengereceveur an der Kategorie A, Loungrupp A2, Ënnergrupp Administratives*

De Gemengerot ernennt, no engem geheime Vott, op de Poste vum Gemengereceveur, e Gemengebeamten an der Kategorie A, Loungrupp A2, Ënnergrupp Administratives.

##### *1.3. Provisoresch Ernennung vun engem Gemengebeamten an der Kategorie A, Loungrupp A2, Ënnergrupp Administratives*

De Gemengerot ernennt, no geheimer Ofstëmmung, e Gemengebeamte provisoresch an der Kategorie A, Loungrupp A2, Ënnergrupp Administratives, fir d'Besoine vum Service fir d'Organisatioun vun Eventer.

#### *2. Kommunalen Erzéiungs- an Empfangdéngscht fir Kanner - Demissioun vun engem Gemengenemployé an der Kategorie C, Loungrupp C1, Ënnergrupp Erzéiung a Psycho-Soziales*

De Gemengerot approuvéiert déi fräiwëlleg Demissioun vun engem Gemengenemployé an der Kategorie C, Loungrupp C1, Ënnergrupp Erzéiung a Psycho-Soziales.

## ËFFENTLECH SËTZUNG

Den **Här Félix Eischen, Buergermeeschter (CSV)**, begréisst all d'Membere vum Gemengerot zur Sëtzung vum 26. Juni 2026. Den Ordre du jour gëtt eestëmmeg ugeholl.

## KOMMUNIKATIOUNEN

Den **Här Félix Eischen, Buergermeeschter (CSV)**, informéiert, datt de Jugenddag vum Fussball wéinst der grousser Hëtzt ofgesot gëtt. An dësem Zesummenhang gouf och eng Circulaire veröffentlecht, an där recommandéiert gëtt, sportlech Aktivitéite bei dësen héijen Temperaturen ze begrenzen. Et wier nämlech onverantwortlech, kleng Kanner ënner dëse Konditioune Sport maachen ze loossen oder Persounen an dëser Hëtzt schaffen ze loossen.

Dës Matdeelung gouf gëschter Owend veröffentlecht. Dës Decisioun gëtt vum Schäfferot ënnerstëtzt.

Amplaz vum Jugenddag gëtt awer e Public Viewing organiséiert, well schonn am Virfeld verschidden Installatiounen opgeriicht gi waren. De Buergermeeschter invitéiert d'Membere vum Gemengerot häerzlech, dorun deelzehuelen, an hofft, datt vill Leit de Wee op dëst Event fannen.

Den **Här Marc Bissen (LSAP)** informéiert, datt et gëschter Owend zu Nouspelt zu engem Brand koum, nodeems eng Klimaanlag Feier gefaangen hat. D'Bewunner vum Haus sinn den Ament an der Vakanz. Hire Jong ass an d'Haus gaangen, nodeems de Stroum ausgefall war, an huet dobäi eng Dampvergëftung erlidden. Hien huet missen an d'Klinik bruecht ginn, säin Zoustand ass mëttlerweil awer berouegend.

D'Gemeng gouf kontaktéiert, fir der Famill ze hëllefen, notamment andeems si provisoresch ënnerbruecht gëtt, bis de CGDIS déi néideg Botz- a Sécherheetsmoossnamen am Haus ofgeschloss huet.

Den **Här Félix Eischen, Buergermeeschter (CSV)**, informéiert, datt et vill Diskussioune ronderëm d'Fro gouf, ob d'Schoule wéinst der grousser Hëtzt sollen zougemaach ginn. Verschidde Gemengen hunn decidéiert, de Schoulbetrib anzestellen, wat awer d'Fro vun der Betreiung vun de Kanner opwerft.

D'Gemeng huet sech mam zoustännegen Inspekter ofgeschwat. Och hie schwätzt sech éischter dofir aus, d'Schoulen opzeloossen, well d'Kanner do betreit sinn. Esou kann eng besonnesch Opmierksamkeet op hiert Wuelbefanne geluecht ginn, notamment andeems drop opgepasst gëtt, datt si genuch drénken an d'Hëtzt esou gutt wéi méiglech verdroen. Et ass nämlech net garantéiert, datt et bei hinnen doheem méi kill ass oder datt si do genuch drénken.

D'Betreiung an de Schoule gëtt deemno als sënnvoll ugesinn, woufir decidéiert gouf, d'Schoulen opzeloossen.

Den **Här Max Molitor (LSAP)** bestätegt d'Aussoe vum Buergermeeschter betreffend d'Decisioun, d'Schoule vun der Gemeng Kielen opzeloossen. De Ministère hat matgedeelt, datt d'Schoule prinzipiell sollten opbleiwen, well d'Kanner do betreit an iwwerwaacht kënne ginn. Den Eltere gouf awer zu all Moment matgedeelt, datt et hinne fräi stoung, hiert Kand aus der Schoul ze huelen, wann si der Meenung waren, datt et besonnesch empfindlech op déi grouss Hëtzt reagéiere kéint.

D'Gemeng huet probéiert, d'Konditiounen an deene Gebaier, an deenen d'Situatioun méi schwiereg war, esou gutt wéi méiglech ze verbesseren, och wann dat net ëmmer einfach war. Déi festgestallte Situatioun huet och gewisen, firwat de Ministère decidéiert huet, zesumme mat de Gemengen am Eenzelfall ze iwwerpréiwen, ob eenzel Schoule sollten zougemaach ginn. D'Gemeng verfüügt iwwer véier verschidde Schoulsitten, mat véier Gebaier wou ënnerschiddlech Temperature sinn, an an deenen d'Hëtzt méi oder manner gutt auszehalen ass.

Et gouf awer decidéiert, net nëmmen eenzel Cyclen zouzemaachen, wärend déi aner weider an d'Schoul gaange wieren. Esou eng Léisung hätt d'Organisatioun fir d'Elteren net wierklech vereinfacht a just e begrenzten Effekt gehat, well e groussen Deel vun de betraffene Kanner trotzdeem an der Schoul hätt misse betreit ginn.

Den Här Max Molitor seet de Mataarbechter vum Service de régie e grousse Merci, well si ganz flexibel reagéiert an déi néideg Moossnamen ergraff hunn, fir d'Konditiounen an de Klassesäll ze verbesseren. Si hunn och Waasserspiller organiséiert a Waasserschläich an de Schoulhäff installéiert, fir d'Situatioun fir d'Kanner méi agreabel ze gestalten.

Hie seet och dem Service Enseignement Merci, deen an dëser Woch gläichzäiteg d'Permutatiounen, déi grouss Hëtzt, déi domat verbonnen administrativ Demarchen an d'Presentatioun vun der Schoulorganisatioun huet misse geréieren.

Den 3. Juni 2026 hat de Gemengerot d'Propositioune fir d'Reaffektatioun vun de Kandidate vun der éischter Lëscht op déi fräi Poste vun Enseignanten am Grondschoulunterrecht gestëmmt. Vun den zeréckbehale Kandidaten hunn der dräi schlussendlech keng Plaz an der Gemeng Kielen ugeholl, well si an enger anerer Gemeng eng Affectatioun kruten, déi enger méi héijer Prioritéit entsprach huet. Eng zeréckbehale Kandidatin ass an de Grondschoulunterrecht vun der Gemeng Kielen komm, obwuel si virdrun nach net do täteg war. Zwou Persoune goufen iwwert d'Lëscht 1bis rekrutéiert.

Déi 2. Lëscht gëtt haut veröffentlecht. D'Gemeng Kielen huet nach néng fräi Posten ze besetzen, dovu sechs Vollzäitposten an dräi Deelzäitposten. Dës solle mat Persoune besat ginn, déi hire Studium ofgeschloss hunn.

### *3. Restantenetat 2025*

*(eestëmmege Vott)*

De Gemengerot approuvéiert d'Propositioun vum Schäfferot a behält am ordinäre Service Follgendes zeréck:

| | |
|---|---|
| En reprise provisoire et à poursuivre | 173.807,87 euros |
| En décharge : collège des bourgmestre et échevins (24/06/2026) | 10,40 euros |
| En décharge : conseil communal (27/06/2025) | 2.006,17 euros |
| **Total** | **175.824,44 euros** |

### *4. Titres de recette 2025*

*(eestëmmege Vott)*

De Gemengerot approuvéiert déi an dësem Tablo opgelëschte Recetten déi de Budget vum Joer 2025 betreffen.

| Numéro article | Libellé | Nbre titres | Montant total |
|---|---|---|---|
| 2/140/706080/99005 | Recettes provenant des activités organisées par le comité de Jumelage | 2 | 2.064,00 € |
| 2/180/758000/99001 | Recettes et remboursements divers | 7 | 17.617,94 € |
| 2/229/706080/99001 | Recettes provenant des activités organisées sous le thème 'Troisième âge' | 10 | 5.753,54 € |
| 2/249/706080/99001 | Recettes provenant des activités organisées sous le thème 'Famille et égalité des chances' | 4 | 1.716,00 € |
| 2/259/706080/99001 | Recettes provenant des activités organisées sous le thème 'Jeunesse' | 4 | 17.968,50 € |
| 2/266/706080/99002 | Recettes provenant des activités organisées sous le thème 'Inclusion et participation Citoyenne" | 2 | 1.454,50 € |
| 2/531/748380/99001 | Remboursement frais exposés pour 'Green Events' | 1 | 89,91 € |
| 2/624/748350/99001 | Remboursement de dégâts causés par des tiers à la voirie vicinale | 3 | 2.613,90 € |
| 2/627/702400/99001 | Vente de vieux matériel désaffecté | 1 | 8.400,91 € |
| 2/825/706080/99001 | Recettes provenant des manifestations sportives et de loisirs | 5 | 3.582,50 € |
| 2/831/706080/99001 | Recettes provenant des activités et manifestations culturelles en la commune de Kehlen | 3 | 2.224,50 € |
| 2/831/706080/99003 | Recettes provenant de l'organisation du Marché de Noël en la commune de Kehlen | 4 | 3.370,50 € |
| 2/860/706080/99001 | Recette provenant de fêtes publiques - Fête Nationale | 2 | 6.400,50 € |
| 2/910/706160/99001 | Participation des parents aux frais scolaires d'enfants non domiciliés au Luxembourg (minerval) | 1 | 1.200,00 € |

## 5. Festleeë vum Prozentsaz vun der Grondsteier a vun der Gewerbesteier fir d'Joer 2027 *(eestëmmege Vott)*

De Gemengerot leet fir d'Steierjoer 2027 follgenden Taux fir d'Gewerbesteier fest:

**Impôt commercial 300% (trois cents).**

De Gemengerot leet fir d'Steierjoer 2027 follgend Tauxe fir d'Grondsteiere fest:

| | |
|---|---|
| **Impôt foncier A** | **400% (quatre cents);** |
| **Impôt foncier B1** | **600% (six cents);** |
| **Impôt foncier B2** | **500% (cinq cents);** |
| **Impôt foncier B3** | **500% (cinq cents);** |
| **Impôt foncier B4** | **500% (cinq cents);** |
| **Impôt foncier B5** | **500% (cinq cents);** |
| **Impôt foncier B6** | **2.000% (deux mille).** |

## 6. Compromisen / Akten / Konventiounen

### 6.1. Compromis fir de Kaf vu Parzelle geleeën um Uert „Rue de Kopstal" zu Kielen *(eestëmmege Vott)*

De Gemengerot approuvéiert de Compromis betreffend de Kaf vun zwou klenge Parzellen, mat der Bezeechnung „Strooss", geleeën um Uert „Rue de Kopstal" zu Kielen. De Kaf ëmfaasst eng Surface vun 0,36 Ar fir e Gesamtpräis vun 360,00 Euro. Dëse Kaf erfollegt fir d'Notze vun der Allgemengheet an zwar fir Emprisen ze regularéiséieren am Kader vum Reamenagement vun der rue de Kopstal zu Kielen.

### 6.2. Compromis fir de Kaf vu Parzelle geleeën um Uert „Rue de Kopstal" zu Kielen (eestëmmege Vott)

De Gemengerot approuvéiert de Compromis fir de Kaf vun enger Parzell, mat der Bezeechnung „Strooss", geleeën um selwechten Uert „Rue de Kopstal" zu Kielen. D'Gemeng keeft eng Parzell mat enger Surface vun 0,13 Ar, fir e gesamt Präis vun 130,00 Euro. Dëse Kaf fënnt och am Kontext vun deenen noutwendege Regularisatioune vun den Emprisen am Kader vum Reamenagement vun der rue de Kopstal statt.

### 6.3. Compromis fir de Kaf vu Parzelle geleeën um Uert „Rue de Kopstal" zu Kielen *(eestëmmege Vott)*

Och hei approuvéiert de Gemengerot e Compromis betreffend dem Kaf vun enger Parzell, mat der Bezeechnung „Strooss", geleeën um selwechten Uert „Rue de Kopstal". D'Gemeng keeft eng Parzell mat enger Surface vun 0,08 Ar, fir e gesamt Präis vun 80,00 Euro. Dëse Kaf fënnt och am Kontext vun deenen noutwendege Regularisatioune vun den Emprisen am Kader vum Reamenagement vun der rue de Kopstal statt.

### 6.4. Compromis fir de Kaf vu Parzelle geleeën um Uert „Rue de Kopstal" zu Kielen *(eestëmmege Vott)*

Och hei, approuvéiert de Gemengerot e Compromis betreffend dem Kaf vun enger Parzell, mat der Bezeechnung „Strooss", geleeën um selwechten Uert „Rue de Kopstal". D'Gemeng keeft eng Parzell mat enger Surface vun 0,19 Ar, fir e gesamt Präis vun 190,00 Euro. Dëse Kaf fënnt och am Kontext vun deenen noutwendege Regularisatioune vun den Emprisen am Kader vum Reamenagement vun der rue de Kopstal statt.

### 6.5. Compromis fir de Kaf vu Parzelle geleeën um Uert „Rue de Kopstal" zu Kielen *(eestëmmege Vott)*

De Gemengerot approuvéiert e leschte Compromis fir de Kaf vun enger Parzell, mat der Bezeechnung „Strooss", situéiert an der rue de Kopstal. D'Gemeng keeft eng Parzell mat enger Surface vun 0,09 Ar, fir e gesamt Präis vun 90,00 Euro. Dëse Kaf fënnt och am Kontext vun deenen noutwendege Regularisatioune vun den Emprisen am Kader vum Reamenagement vun der rue de Kopstal statt.

### 6.6. Compromis fir de Kaf vun engem Gebai situéiert um Uert „Der Seit des Hohbuch" zu Keespelt & spezielle Kredit *(eestëmmege Vott)*

De Gemengerot approuvéiert e Compromis bezüglech dem Kaf vun engem Terrain mat Chalet situéiert um Uert „Der Seit des Hohbuch" zu Keespelt, fir e gesamt Montant vun 820.000 Euro. D'Immobilie gëtt am ëffentlechen Interessi kaf, fir do „Classes vertes" an aner pedagogesch Aktivitéiten am Zesummenhang mat der Entdeckung an der Sensibiliséierung fir d'Natur ze organiséieren.

De Gemengerot stëmmt och e spezielle Kredit, deen néideg ass fir d'Finanzéierung vun dëser Acquisitioun.

### 6.7. Konventioun fir eng Servitude fir d'Verleeë vun engem Kanal fir Reewaasser um Uert „Rue du Cimetière" zu Nouspelt *(eestëmmege Vott)*

De Gemengerot approuvéiert d'Konventioun fir eng Servitude betreffend d'Verleeë vun engem Kanal fir Reewaasser op enger Parzell, déi um Uert „Rue du Cimetière" zu Nouspelt läit.

Dës Kanalisatioun, mat enger Längt vu 96 Meter, erméiglecht et, déi bestoend Kanalisatioun bis bei den neien EP-Sammler vum SIDERO ze verlängeren.

D'Gemeng iwwerhëlt d'Aarbechten, den zukünftegen Ënnerhalt, souwéi d'Zeréckversetze vum Terrain an den ursprénglechen Zoustand nom Verleeë vun der Kanalisatioun.

### 6.8. Office social commun vu Mamer (OSCM) - Konventioun fir d'Joer 2026 *(eestëmmege Vott)*

De Gemengerot approuvéiert d'Konventioun, déi fir d'Joer 2026 am Zesummenhang mam OSCM ofgeschloss gouf. Dës Konventioun reegelt d'Organisatioun an d'Finanzéierung vun den Aktivitéite vum OSCM un deem d'Gemeng Kielen zesumme mat den anere betraffene Gemengen deelhëlt. E Kredit vun 128.849,78 Euro ass am Gemengebudget 2026 virgesi fir d'Bedeelegung um Defizit vum OSCM.

### 6.9. Pompjeessall an der rue de Kopstal zu Kielen – Kontrakt iwwert d'gratis zur Verfügungstellung vu kommunale Raimlechkeeten *(eestëmmege Vott)*

De Gemengerot approuvéiert d'Konventioun iwwert d'gratis Zurverfügungstellung vum sougenannte Pompjeessall geleeën an der rue de Kopstal zu Kielen, zugonschte vum Lëtzebuerger Roude Kräiz.

D'Raimlechkeeten, mat enger Fläch vu ronn 143,6 m², gi fir de Bedreiwe vun engem Kleedergeschäft fir Persounen, déi op Ënnerstëtzung ugewise sinn ugewise sinn, genotzt.

## 7. HPPA (Home pour personnes âgées) Eischen – Commission de surveillance – Festleeë vun engem effektive Vertrieder an engem Ersatzvertrieder

*(mat 8 Stëmme fir jiddweree vun de Kandida ten an 3 Enthalungen. D'Madamm Claudine Meyer-Deitz an den Här Guy Kohnen hunn net um Vott deelgeholl)*

De Gemengerot leet, no geheimer Ofstëmmung, d'kommunal Vertrieder an der Commission de surveillance vum HPPA Eischen fest.

Den Här Guy Kohnen gëtt als effektive kommunale Vertrieder designéiert, wärend d'Madamm Claudine Meyer-Deitz als Ersatzvertrieder genannt gëtt.

## 8. Consultativ Kommissioune vun der Gemeng Kielen

### 8.1. Kulturkommissioun – Demissioun vun engem Member *(eestëmmege Vott)*

De Gemengerot approuvéiert Demissioun vun der Madamm Myriam Eicher-Schmit als Member vun der Kulturkommissioun.

### 8.2. Kulturkommissioun – Ernennung vun engem Member
*(mat 13 Stëmme fir de Kandidat)*

De Gemengerot ernennt unhand vun engem geheime Vott den Här Michel Engels als neutrale Member vun der Kulturkommissioun. Seng Kandidatur gouf de 17 Juni 2026 per Courrier agereecht. D'Zesummesetzung vun dëser Kommissioun gëtt deemno ugepasst:

| N° | Nom / Prénom | | Fonction |
|---|---|---|---|
| 1 | SCHWARZ Sandy | CSV | Secrétaire |
| 2 | REDING Paul | CSV | Membre |
| 3 | MATIAS TRIGO Afonso Filipe | CSV | Membre |
| 4 | NOESEN-HEINTZ Nathalie | LSAP | Présidente |
| 5 | DREWS Frank | LSAP | Membre |
| 6 | KRECKÉ Patrick | DP | Membre |
| 7 | THILTGES Paul | déi gréng | Membre |
| 8 | WACKERS Marie Paule | neutre | Membre |
| 9 | ADAM Joël | neutre | Membre |
| 10 | ENGELS Michel | neutre | Membre |
| 11 | SUYS Willy | neutre | Membre |
| 12 | NOESEN Philippe | neutre | Membre |
| 13 | vacant | neutre | Membre |

### 8.3. Jugendkommissioun – Demissioun vun engem Member
*(eestëmmege Vott)*

De Gemengerot approuvéiert Demissioun vun der Madamm Judith Wolff als Member vun der Jugendkommissioun.

### 8.4. Jugendkommissioun – Ernennung vun engem Member
*(mat 13 Stëmme fir de Kandidat)*

De Gemengerot ernennt, unhand vun engem geheime Vott d'Madamm Sandy Schwarz als Member vun der Jugendkommissioun. Dës Ernennung erfollegt op Propositioun vun der CSV. D'Zesummesetzung vun dëser Kommissioun gëtt deemno ugepasst.

| N° | Nom & Prénom | | Localité |
|---|---|---|---|
| 1 | vacant | CSV | |
| 2 | SCHWARZ Sandy | CSV | Olm |
| 3 | LUDOVICY Anne | CSV | Kehlen |
| 4 | BACK Joan | LSAP | Olm |
| 5 | PACIOTTI PEREIRA Patrizia | LSAP | Olm |
| 6 | GREISCH Jessica | DP | Olm |
| 7 | STAUDT Vanessa | déi gréng | Kehlen |
| 8 | LUCAS Tania | neutre | Kehlen |
| 9 | PELLIN Jean-Claude | neutre | Keispelt |
| 10 | BONERT Philippe | neutre | Kehlen |
| 11 | DELVIGNE Thierry | neutre | Keispelt |
| 12 | ATTEN Manon | neutre | Olm |
| 13 | BASTIAN Christian | neutre | Olm |

## 9. Zousätzlech Kreditter

### 9.1. Wee fir duuss Mobilitéit tëschent Kielen a Keespelt – Zousätzleche Kredit *(eestëmmege Vott)*

De Gemengerot stëmmt en zousätzleche Kredit vun 30.000,00 Euro am Kader vum Projet betreffend dem Amenagement vun engem Wee fir duuss Mobilitéit tëschent Kielen a Keespelt, mat Verlängerung bis op Meespelt.

### 9.2. Fërderung vun der Nohaltegkeet, vum rationellen Ëmgang mat Energie an natierleche Ressourcen, souwéi vun der Notzung vun erneierbaren Energien am Beräich vum Logement – Zousätzleche Kredit
*(eestëmmege Vott)*

De Gemengerot stëmmt en zousätzleche Kredit vun 175.000,00 Euro fir d'kommunal Hëllefen am Beräich vum rationellen Ëmgang mat Energie an der Notzung vun erneierbaren Energien.

Dësen zousätzleche Kredit ass néideg wéinst der däitlecher Hausse vun den Demanden ëm Subventiounen, déi zanter Ufank vum Joer 2026 agereecht goufen.

## 10. Ausseruerdentlech Subsiden

### 10.1 Lëtzebuerger Rout Kräiz, lokal Sektioun Kielen – 30. Anniversaire
*(eestëmmege Vott)*

De Gemengerot accordéiert dem Lëtzebuerger Roude Kräiz, lokaler Sektioun Kielen, en aussergewéinleche Subsid vun 1.500,00 Euro.

Dëse Subsid ass dofir geduecht, d'Organisatioun vun enger Commemoratiounsfeier am Kader vum 30. Anniversaire vun der lokaler Sektioun z'ënnerstëtzen.

### 10.2. Chorale vun der Gemeng Kielen – Kulturrees – aussergewéinleche Subsid *(eestëmmege Vott)*

De Gemengerot accordéiert de Chorale vun Nouspelt, Kielen a Keespelt/Meespelt en aussergewéinleche Subsid vu 500,00 Euro.

Dëse Subsid ass dofir geduecht, d'Organisatioun vun hirer Kulturrees an den Elsass, déi vum 25. bis de 27. September 2026 virgesinn ass, z'ënnerstëtzen.

### 10.3. Amicale CIS Kielen - Aussergewéinleche Subsid
*(eestëmmege Vott)*

De Gemengerot decidéiert, op Propositioun vum Schäfferot, der ASBL Amicale CIS Kielen en aussergewéinleche Subsid an der Héicht vu 5.951,50 Euro anzeraumen, als Unerkennung fir hire wäertvollen Asaz am Alldag.

### *11. Zousätzleche politesche Congé – Nei Opdeelung* *(mat 10 Stëmmen dofir an 3 Enthalungen, nämlech d'Madamm Maryse Frantzen, den Här Patrick Krecké an den Här Larry Bonifas)*

De Gemengerot setzt eng nei Opdeelung vun de Stonne vum zousätzleche politesche Congé fest, déi de lokale Gewielten zoustinn, wéinst der Ännerung vun der Zesummesetzung vum Gemengerot.

### *12. Ëmgestaltung vum „Domaine Hueseknäppchen" Phas 1B – Devis*

*(eestëmmege Vott)*

De Gemengerot approuvéiert den Devis betreffend der Ëmgestaltung vum Domaine Hueseknäppchen – Phas 1B zu Ollem, fir e Gesamtbetrag vun 10.007.535,06 Euro ouni TVA, respektiv 11.708.816,03 Euro mat TVA.

D'Aarbechte betreffen ënner anerem d'Stroosseninfrastruktur, den Ersatz vun de Waasserleitungen an der Kanalisatioun, souwéi d'Uleeë vu Beem, Trottoiren a Kräizungen.

Dës Phas concernéiert d'rue du Commerce, d'rue des États-Unis, d'rue de l'Indépendance, d'rue des Alliés an deelweis d'Avenue Grand-Duc Jean.

### *13. Lotissementer*

#### *13.1. Lotissement vun enger Parzell an der rue du Moulin zu Dondel*

*(eestëmmege Vott)*

De Gemengerot approuvéiert de Lotissementsprojet betreffend dem Splécke vu Parzellen, déi um Lieu-dit „Rue du Moulin" zu Dondel leien. De Projet gesäit d'Opdeelung vun de betraffene Parzellen a véier separat Louse vir. Et gëtt preziséiert, datt de Projet de Bestëmmunge vum PAP-QE entsprécht.

#### *13.2. Lotissement vun enger Parzell an der rue de Roodt zu Nouspelt*

*(eestëmmege Vott)*

De Gemengerot approuvéiert de Lotissementsprojet betreffend dem Splécke vu Parzellen, déi um Lieu-dit „Rue de Roodt" zu Nouspelt leien. Parzellen vir, fir dräi nei Lousen ze schafen, op deenen dräi Eefammilljenhaiser an eng Rei gebaut kënne ginn.

### *14. Museksschoul Kielen – Schoulorganisatioun 2026-2027*

*(eestëmmege Vott)*

De Gemengerot hält déi provisoresch Schoulorganisatioun vum Museksunterrecht, deen an der Gemeng Kielen ugebuede gëtt, fir d'Schouljoer 2026/2027 fest.

D'Coursë ginn am Kader vun der regionaler Zesummenaarbecht vun der Regionaler Museksschoul Westen organiséiert a sollen dozou bäidroen, de Museksunterrecht um kommunalen a regionalen Niveau ze harmoniséieren an auszebauen.

Laut der provisorescher Schoulorganisatioun ginn d'Gesamtkäschte vum Museksunterrecht zu Kielen fir dat betreffend Schouljoer op 1.594.727,10 Euro geschat.

### *15. Naturpakt – Zesummesetzung vum Aarbechtsgrupp „Naturpakt-Team"* *(mat 11 Stëmme fir jiddweree vun de Kandidaten. Den Här Marc Bissen an d'Madamm Cheryl Geschwind hunn net um Vott deelgeholl)*

De Gemengerot ernennt, no geheimer Ofstëmmung, d'Membere vum „Naturpakt-Team".

Dës nei Zesummesetzung ass d'Folleg vu verschiddene Changementer, déi zanter der éischter Zesummesetzung vum Aarbechtsgrupp geschitt sinn.

| | |
|---|---|
| Membre du collège des bourgmestre et échevins | Marc Bissen |
| Fonctionnaire communal | Dan Muno |
| Préposé de la nature et des forêts territorialement compétent | Joé Mensen |
| Membre de l'équipe jardinage du service de régie communal | Manuel Kauffmann |
| Service de régie - préposé | Yann Deboulle |
| Membre de la commission consultative communale de l'Environnement et de l'Énergie | Cheryl Binck |
| Agriculteur | Philippe Matge |
| Agriculteur | Franky Peller |
| Membre Gaart an Heem Kehlen-Olm | Marc Maas |
| Membre Gaart an Heem Keispelt-Meispelt | Guy Scholtes |
| Conseiller Pacte Nature | Maryse Leiner |

### *16. Charta fir d'Engagement bei „Gemengen 2030"* *(eestëmmege Vott)*

De Gemengerot approuvéiert d'Charta fir d'Engagement bei „Gemengen 2030". Mat dëser Charta confirméiert d'Gemeng hire Wëllen, um Programm deelzehuelen, dee vum Ministère fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit, an Zesummenaarbecht mat der Klima-Agence, gedroe gëtt.

Dëse Programm soll d'Gemengen dobäi begleeden, hir Aktiounen zu Gonschte vun der nohalteger Entwécklung an d'Ziler vum Agenda 2030 ze evaluéieren an ervirzehiewen.

### *17. Schoulorganisatioun 2026/2027*

*(eestëmmege Vott)*

De Gemengerot hält déi provisoresch Organisatioun vum Grondschoulunterrecht an der Gemeng Kielen fir d'Schouljoer 2026/2027 fest. Dës Organisatioun berécksiichtegt déi virgeluechten Dokumenter, notamment déi dozougehéierend ergänzend Deliberatioun an de Plan d'encadrement périscolaire 2026/2027. Déi genannten Dokumenter si vun der Schoulkommissioun aviséiert ginn.

### *18. Verkéiersreglement vun der Gemeng Kielen – Avenant*

*(eestëmmege Vott)*

De Gemengerot approuvéiert en Avenant zum kommunale Verkéiersreglement, fir verschidde speziell Bestëmmungen um Territoire vun der Gemeng unzepassen.

D'Ännerunge betreffen ënner anerem d'Aféiere vun neie Rubricke fir Stroossen zu Keespelt, d'Upassung vu Reegelen am Beräich vum Parken, vu Wunnberäicher, Zon-30-Beräicher, Busarrêten, Foussgängersträifen a „Kiss & Go"-Zonen.

Dës Upassunge sollen déi bestoend Reglementatioun aktualiséieren, am Hibléck op déi realiséiert Amenagementer an déi festgestallte Besoinen am Beräich vum Verkéier a vum Parken.

### *19. Confirmatioun vun dréngende Verkéiersreglementer vum Schäfferot*

*(eestëmmege Vott)*

De Gemengerot erkennt d'Noutwendegkeet vun dräi dréngende Verkéiersreglementer un, déi vum Schäfferot geholl goufen.

Dës Reglementer betreffen temporär Verkéiersmoossnamen an der Aktivitéitszon zu Kielen, an der rue de Keispelt zu Kielen, souwéi Um Léck zu Nouspelt.

Si goufen de 27. Mee, den 10. Juni an de 24. Juni 2026 jeeweils an der virgeschriwwener Form publizéiert an affichéiert.